

(Hilarité générale et coups de cloche de la Présidence)

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, d'Juegd war zu allen Zäiten...

M. Alex Bodry (LSAP).- D'Juegd ass op!

M. le Président.- Loosst dach den Här Mehlen schwätzen!

M. Robert Mehlen (ADR).- ...Objet vu Sträit an Ausenanersetzung. Et war a fréieren Zäiten de Privileg vun enger ieweschter Klass, a gare deenen, déi méi schlecht lotéiert waren a gewot hunn, emol eng Kéier en Hieschen am Strack ze fänken, well se doheem schlecht dru waren.

(Interruption)

Déi Zäiten hu geännert, mä mir hunn haut am juegdlechen Domän eng ganz Partie Acteuren, déi verschidden a souguer ganz opposéiert Interête vertrieben. Mir hunn engersäits eng Partie passionéiert Jeeër an därer, déi et wëlle ginn, déi dofir an eisen Zäiten deelweis eng ganz deier Pacht bezuelen, fir kënnen d'Juegdrecht auszeüben. Mir hunn op där anerer Säit ëmmer méi Leit an der Bevölkerung, déi den Usproch erhiewen, datt d'Natur, an dobäi virun allem d'Bëscher, fir jiddereen do sinn a vu jidderengem därfe fir Erhuelungszwecker genotzt ginn.

Mir hunn op där anerer Säit als Acteure Baueren a Bëschbesëtzer, déi an zouhuelendem Mooss mat Schied konfrontéiert sinn, déi dorop zrëckzeféiere sinn, datt a Kompensatioun vun Nidderwëld, dat ëmmer manner gëtt, ëmmer méi Wëldschwäin heiansdo regelrecht dobausse gezillt ginn duerch iwwerdrifwe Fiddering an e bësschen doutéis Manéieren, fir iwwerhaapt eppes op der Juegd ze hunn. Dofir kann een och Verständnis hunn.

(Interruption)

Majo, ech wollt awer fir d'éischt d'Problematik e bësschen opzeechnen,...

(Interruptions diverses)

...soss versteet de Minister meng Fro net.

Mir hu Propriétaires, déi als Verpiechter selbstverständlech drop aus sinn, fir sou vill wéi méiglech Geld fir hiert Pachtrecht ze kréien. A mir hunn eng Verwaltung, déi all ning Joer mat der Problematik konfrontéiert ass, dass d'Juegden nei verpacht ginn, datt d'Lousen nei opgedeelt ginn an et do ganz dacks Reiwereien tëscht de Juegdsyndikater an der Verwaltung gëtt.

Et ass eng al Gesetzgebung, déi zrëckgeet op 1885 an x-mol ofgeännert ginn ass, wou et relativ schwiereg ass, fir sech e Bild ze maachen, wat dann d'Kohärenz an deenen Texter ass. Meng Fro un de Minister ass eng ganz kuerz.

Envisagéiert d'Regierung, am Dialog mat deenen heiansdo kontrovers opposéierte Parteien, déi relativ al a konfus Gesetzgebung iwwert d'Juegd an dëser Legislaturperiod op de Leescht ze huelen, se un dee verännerte juegdlechen Environnement unzepassen an an engem kohärente Gesetzestext zesummen ze faassen?

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Ëmweltminister Charles Goerens.

M. Charles Goerens, Ministre de l'Environnement.- Här President, den Här Mehlen huet eng ganz kuerz Fro gestallt. Meng Äntwert ass och ganz kuerz: Neen!

Une voix.- Très bien!

M. Charles Goerens, Ministre de l'Environnement.- Et gëtt net dru geduecht, fir eng Refonte générale vun der Gesetzgebung ze maachen! Dat Eenzezt, wat kéint a Fro kommen, wiere punktuell Ännerungen, wa se als solch géifen identifizéiert gi vum Conseil supérieur de la Chasse, deem ugehéieren: d'Administration de l'Environnement, de Service de la Chasse, de Ministère de l'Environnement, de Ministère de l'Agriculture, d'Centrale paysanne, den FLB, d'Fédération des Chasseurs, de Club St-Hubert, de Mouvement écologique an de Vullschutz.

Ech wollt zum Schluss nach eppes soen, wat d'Kompetenzopdeeling an dëser Regierung ubelaangt. Net alles, wat naass a fiicht ass, gëtt dem Här Wolter ënnerstallt,...

Une voix.- Awer bal alles!

(Hilarité)

M. Charles Goerens, Ministre de l'Environnement.- ...och net alles, wat Waasser drénkt, well soss géif d'Juegd doudsëcher dozou gehéieren. Ech wollt déi Prezisiounen awer ginn, fir datt deen lertum, deem den Här Mehlen bal verfall war, sech net nach eng Kéier reproduzéiert!

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruption)

M. le Président.- D'Wuert kritt elo de Kolleeg Ben Fayot fir den Dépôt vun enger Proposition de loi.

Plusieurs voix.- Ah!

2. Dépôt d'une proposition de loi

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, ech wollt der Chamber eng

- *Proposition de loi 4744 portant création d'une commission d'étude sur les spoliations des Juifs du Grand-Duché de Luxembourg pendant l'occupation nazie*

ënnerbreeden.

Wéi Der wësst, Här President, gëtt et an enger ganzer Partie Länner ronderëm eis - ënner anerem a Frankräich, der Belsch, Holland an och anere Länner - sou Commissions d'enquête, déi sollen ënnersichen, ob déi Spoliatiounen a Pillagen, déi d'Judde während dem Zweete Weltkrich erlidden hunn, reparéiert gi sinn oder net. Dat ass eng Fro, déi mer fir Lëtzebuerg fir den Abléck net kënne beäntweren, an dofir, mengen ech, ass et wichteg, dass mer sou eng Kommissioun mat Spezialisten, besonnesch mat Historiker, an d'Liewe ruffen, déi beim Premierminister ugesidelt wär, fir eben déi Period do ze ënnersichen, mä fir och ze ënnersichen, inwiefern dass d'Dommages de guerre nom Krich deem Rechnung gedroen hunn, respektiv net,...

(Coups de cloche de la Présidence)

... an och gegebenefalls der Regierung Recommandatiounen ze maachen, sou wéi dat z. B. a Frankräich mat der Commission Matteoli gemaach ginn ass, Recommandatiounen, déi jo elo a Frankräich amgaange sinn, realiséiert ze ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi vum Kolleg Ben Fayot. Si gëtt un déi zoustänneg Kommissioun oder Instanz weidergeleet.

Als leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung hu mer d'Naturalisatiounen. Dofir muss ech de Huis clos ausschwätzen.

3. Naturalisations

M. le Président. - De Huis clos ass ausgeschwat.

* * *

Déi öffentlech Sitzung geet weider.

D'Chamber huet an hirer net öffentlecher Sitzung 52 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote constitutionnel ugeholl. Sou wéi d'Gesetz vum 7. Juni 1989 iwwert d'Nimm an d'Virnimm vun de Persounen, déi d'Lëtzeburger Nationalitéit kréien, et virgesäit, huet d'Chamber sech ebenfalls mat siwen Ännerunge vun Nimm a Virnimm averstanen erkläert.

Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptées par la Chambre des Députés le 20 décembre 2000

- 1) AKALIN Gamze Ipek, née le 1^{er} juin 1970 à Ankara (Turquie), demeurant à Olm
- 2) AYNETCHI Parisa, née le 10 octobre 1967 à Téhéran (Iran), demeurant à Luxembourg

- 3) BASTEN Hildegard Elisabeth, née le 28 avril 1950 à Köwerich (Allemagne), demeurant à Mondercange

- 4) BELLOMO Vito, né le 3 avril 1964 à Vianden, demeurant à Beaufort

- 5) BITEGETSE IMANA Bernard, né le 1^{er} mars 1950 à Masisi (R. D. du Congo), demeurant à Differdange

- 6) COLACI Cosimo, né le 28 septembre 1972 à Castrignano del Capo (Italie), demeurant à Strassen

- 7) DA SILVA JORGE Ludovic José, né le 5 décembre 1976 à Thionville (France), demeurant à Belvaux

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de JORGE Ludovic José.

- 8) DO Hong Phong, né le 1^{er} février 1946 à Saigon (Vietnam), demeurant à Schiffflange

- 9) NGO Thi Kim Ngoc, née le 19 octobre 1951 à Bien Hoa (Vietnam), demeurant à Schiffflange

- 10) DRYE Michel François Prosper, né le 9 juin 1962 à Etterbeek (Belgique), demeurant à Perlé

- 11) SEMAL Nathalie Jacqueline Ghislaine, née le 29 novembre 1963 à Nivelles (Belgique), demeurant à Perlé

- 12) GONÇALVES DE CUNHA Vanda Cristina, née le 7 décembre 1971 à Campo Grande/Lisboa (Portugal), demeurant à Warken

- 13) GONCALVES DE ARAUJO Carlos, né le 28 septembre 1972 à Folschette, demeurant à Rambrouch

- 14) GUILHAUMON Marie-Paule, née le 12 octobre 1966 à Limoges (France), demeurant à Wormeldange

- 15) ITURRA CHEUQUIAN Nancy Natalia, née le 3 septembre 1972 à Osorno (Chili), demeurant à Luxembourg

- 16) KLINK Monika Cäcilia, née le 13 décembre 1958 à Luxembourg, demeurant à Olingen

- 17) KOSALKA Czeslaw Stanislaw, né le 3 mai 1963 à Stopnica (Pologne), demeurant à Schiffflange

- 18) JAWORSKA Dorota Marianna, née le 22 août 1967 à Myszkow (Pologne), demeurant à Schiffflange

- 19) KRISTINSSON Johannes Agust, né le 17 mai 1949 à Borgarfjardarsysla (Islande), demeurant à Ehnen

- 20) LAI Tung Hei, née le 16 décembre 1962 à Hong Kong (Chine), demeurant à Luxembourg

- 21) LI Xiangping, né le 16 mars 1968 à Guangdong (Chine), demeurant à Luxembourg